

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Info-Box	
Bestell-Nummer:	13006LU
Sprooch:	Lëtzebuergesch
Kaméidistéck:	3 Akte
Bünebiller:	1 bannen an engem Bistro
Spildauer:	+/- 90 - 100 Min.
Rollen:	8
Frauen:	4
Männer:	4
	2 Statisten
Rollensatz:	9Hefte
Preis Rollensatz	142,00€
Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€	

13006LU

Panech Trauma

(Kaméidistéck an in 3 Akten

vum

Helmut Schmidt

iwwersat vum Jos Weimerskirch

Inhalt

Den Aarbechtslosen Hobbydichter Albert Faber këmmert sech zënter Joeren em seng Fleeg bedürfteg Tatta Agnes Scholters. Dem Albert seng Schwëster Christa an hire Mann den Eugène lounen zwar vun der Tatta de Restaurant "Leif a Séil" wou d'Tatta och wunnt, mee se huelen et mat der Fleeg vun der Tatta nët esou eescht. D'Koppel hofft, dass d'Tatta net méi laang leeft a si de Restaurant inklusiv Wiertschaft ierwen an alles schnellstens verkafe kënnen. Ëmmerhin sinn si am Testament vun der aler Dame als Ierwen agedro. Do derzou kënt och nach, dass den Egon héich Scholden huet. Wéi et dem Agnes schlecht geet proposéiert den Andreas hir, si soll eng Kur maachen. Kuerz ier d'Agnes an d'Kur geet, mierkt et, dass hir Niess Christa an der hire Mann hir guer net esou gudd gesonnt sinn. Si erkennt, dass hire Wonsch am Testament ongerecht ass a wëll dat direkt no der Kur änneren. Den Albert soll elo alles ierwen. Mee ob eemol passéiere komesch Saachen am Haus. Ëmmer méi mengt den Albert e géif duerchdréine, well den aarmen Hobbydichter muss ëmmer erëm dee selwechten Dag erliewen. En hängt offensichtlech fest an enger net erklärbarer Zäitschlëif. All Dag begéint en de selwechte Leit, déi exakt di selwecht Froe stellen an ëmmer gëtt et fir hien Paangecher z'iessen. E kann am Restaurant vu senger Schwëster bestelle wat e well, e kritt ëmmer nees Paangecher. Di tollpatscheg Nopesch Rosi Müller ass verléift an den Andreas a kënnt all Dag bei en mat de selwechten Liebeserklärungen. E fillt sech wéi am Film mam Bill Murray "Und täglich grüsst das Murmeltier". Bilt hien sech dat just an oder passéiert dat ganzt wierklech? Ass hien krank, eventuell esouguer schizophren oder mécht een mat him de Geck? Wann deem esou ass, huet dat ganzt Methode an huet grad eréischt ugefaang.

D'Stéck spillt an der Géigewaart.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlëine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Bühnebild:

Op der Bühn gesäit een de Bistro vum Agathe Wilken. Dat ganz ass einfach. Comptoir mat Hockeren, dohannert e Regal mat Glieder, 2-3 Dëscher a Still. Wann eng Fënster do ass, dann ass déi och ganz einfach mat enger Riddo virdrun. Hannert dem Comptoir ass den Telefon ouni Kabel an e Gerät fir Toun ofzespillen. Et brauch een 3 Dieren. Hannen geet een an de Gank, dee féiert no baussen an an de grouse Sall. Riets geet eng Dier an d'Kichen an an all di aner Raim och an dat Zëmmer wou d'Tatta Agathe wunnt. Lenks geet et op d'Toilette vum Café. Wann een duerch d'Agangsdier era kënnt geet all Kéier eng Schell.

Persounen:

Persounen	Beschreibung	
Albert Faber (Abbes)		
Christa Faber - Hermes	Dem Andreas seng Schwëster	
Agnes Scholtes	Tatta vum Andreas a vum Christa	
Eugène (Usch) Hermes	Dem Christa hire Mann	
Rosemarie Müller (Rosi)	Nopesch a Client	
Henri (Heng) Gaudron	Client	
Elena Nowak	Mataarbechterin aus Polen	
Théo (Téid) Thill	Neie "Bekannten"	

(Die 2 Statisten hunn och Text, deen ass awer esou kleng, dass een net do vun enger Roll schwätze kann, se brauchen och kee Numm)

Akt 1

Wann d'Riddo opgeet stinn d'Christa an den Eugène hannert dem Comptoir a kucken an hiren Agenda. Den Heng setzt un engem Dësch. En huet d'Aerm um Dësch iwwerkräitzt a säi Kapp drop leien. Et kéint ee mengen e géif schlofen, Virun him um Dësch steet e Laptop en eidelt Béierglas an en Drëppeglas. Et ass matzen an der Woch fréi owes am Mee. Et gesäit een, dass d'Christa rosen iwwert den Eugène ass. Allebéid ignoréieren den Heng.

1. Szeen

(Christa, Eugène, Heng)

Christa (sec) Jo ruff do un. Oder muss ECH elo fir deng Dommheet richt stoen?

Eugène Ech weess net wéi maer dat geschéie konnt. Christa, maer hunn einfach zevill Aarbecht. De ganze Betrib wiisst maer esou lous iwwert de Kapp. Et soll een alles verkafen.

Christa De Restaurant mat der Wiertschaft ass eis Rettung! An Aarbecht bedeit Geld. An dat brauche maer, wa maer iergendeng Kéier net méi vun eise Scholden dreeme wëllen. Scholden déi s DU gemaach hues. An Du weess och, dass maer dës Bud eréischt verkafe kënnen, wann der Tatta Agnes hiert Testament public ass a si net méi ënnert eis ass.

Eugène Jo, esou eng Sauerei awer och. Fir wat dauert dat dann och esou laang? Si ass dach scho geschwënn 80. Dat misst dach bal duer goen.

Christa Fro mech eppes méi Einfaches. Mee net ze haart, et muss jo net jiddereen alles héieren. *(weist op den Heng)*

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Eugène Ech mengen den Heng huet d'Panz voll. Dee schléift a kritt näischt mat.

Christa A vu wat? Wann dee voll ass, dann huet en sech awer net bei eis voll lafe gelooss. Dann ass dee sécher schonn esou heihinner komm. Et ass och egal.

Eugène Et ass fir ze verzweiwelen. Lo kënnt och geschwënn de Mann mam Béier, dobäi hu maer d'Bestellung vu leschter Kéier nach net bezuelt.

Christa Ech weess, dass maer méi Geld verdénge mussen. Esou vill wéi méiglech, a spueren, do wou maer kënnen. D'Tatta Agnes däerf op kee Fall eppes vun eise Scholden gewuer ginn.

Eugène Spueren, u wat kënne maer da nach spueren?

Christa Wat weess ech? Du muss och emol heiansdo nodenken.

Eugène (*iwwerleet, dann*) D'Elena, dat Meedchen aus Polen, dat kéinte maer dach schonn emol entloossen. Hei ass esouwéisou näischt lass. Wat solle maer mat där Fra? Déi kascht just Geld.

Christa Dat huet d'Tatta Agnes dach agestallt. An d'Elena huet e gutt Verhältnis zu hir. Et géif der Tatta sécher net gefallen wa maer dat erausgeheien. Dofir musse maer och eng Ursaach hunn, dat ass schonn iwwer 5 Joer hei.

Eugène Jo, dann hat dat eng Ursaach. Villäicht huet et eppes geklaut, huet an d'Kees gegraff oder esou?

Christa (*verdréit d'Aen*) Jo sécher. Dreem weider. Iwwert d'Elena maache maer eis am beschte keng Gedanken, eréischt dann wa maer GUER net weider wëssen. Hei, du kläers elo emol fir d'eischt de Problem mat der duebeler Reservatioun. (*dréckt him den Telefon an d'Hand, kënnt no vir a geet schonn e Richtung rietser Dier, do waart se*)

Eugène (*steet nach onsécher do*) Hhmmmmm ...

Christa Allez maach et. Looss Daer eppes afalen. D'Nummer steet am Agenda.

Eugène (*licht verzweiwelt*) O Christa, kanns Du dat net maachen?

Christa EUGÈNE HERMES! WIEN hat dëse Feeler gemaach? ECH oder Du?

Eugène Jo et ass scho gutt. Ech maachen et.

Christa An da regel s de dat esou, dass se op kee Fall hei bei eis feieren, héiers de? Wann d'Tatta Agnes gewuer gött, wat s Du hei gestiicht hues, ass se sécher enttäuscht. Maer kënnen eis kee Feeler méi leeschten, sou kuerz ier maer alles ierwen. A sief och ëmmer frëndlech mat eiser Tatta, héiers de? Och wa si hir virwëtzeg Nues iwwerall erastécht. Allez maach virun! (*no riets fort*)

2. Szeen (*Eugène, Heng*)

Eugène (*kuckt an d'Agenda liest d'Nummer an dréckt déi um Telefon, duerno kënnt en hannert*

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

dem Comptoir ervir, mam Hörer um Ouer, waart, duerno iwwerfrëndlech) Madame Bour, fein dass ech Aech direkt um Apparat hunn. Hei ass den Eugène Hermes aus dem Restaurant "Leif Séil". War dat haut net schéi Wieder? Ufank Mee an de ganzen Dag waren et bal 22 Grad. Elo ass et schonn Owend an d'Sonn schéint nach ëmmer. Gell Dir et ka net besser sinn! Richteg. Jo fir wat ech eigentlech uruffen: Maer ass do e klenge Malheur geschidd. Är Sëlwerhochzäit déi Daer bei eis feiere wëllt ... genau den 29. August. Jo, dat ass nach eng Zäitchen! Bal 4 Méint. Also dat dauert nach laang, mee fir net ëm de Bräi ze schwätzen: Meng Fra d'Christa hat schonn virun e puer Wochen fir dee selwechten Dag enger Hochzäit-Gesellschaft zougesot. A wéi ech Aech scho gesot hunn: Elo hu maer e klenge Problem. An elo wollt ech Aech virschloen, ob Daer net einfach *(kuerz Paus)* Hallo? Madame Bour, si Daer nach do? Hallo?- Déi huet einfach agehaang. *(riff no riets)* C h r i s t a ?! Christa!

3. Szeen

(Eugène, Heng, Agnes)

Agnes *(kënnst vu riets eran an einfacher Kleedung mat Rollator oder Bengel. Si ass an hirer Aart knuddeleg, awer och e bësse liichtgleeweg, si gesäit just dat Gutt an de Leit)* Eugène, ass iergendeppes net an der Réi?

Eugène *(liicht ertappt an erfëiert)*

O, *(dann nees iwwerfrëndlech)* Tatta Agnes. Hä. Wat sees Du do? Wat ass net an der Rei? Nee wéi kann dann esou eppes sinn?

Agnes Et hat sech esou unhéieren.

Eugène Mach Daer wéi ëmmer net zevill Gedanken. Däi Restaurant ass beim Christa a bei maer a gudden Hänn. Dat weess Du dach. Hei leeft alles vum selwen.

Agnes *(kuckt sech di eidel Dëscher un)* Jo, dat gesinn ech. Kann ech maer emol den Ëmsatz vum leschte Mount ukucken? Ech hu mech nach ëmmer fir esou eppes interesséiert.

Eugène Tatta Agnes wat muss ech do héieren. Em eis Comptabilitéit brauch s DU dech dach net méi ze këmmen. Déi maachen d'Christa an ech dach schonn alleng zënter Méint. Du kriss deng Pensioun an domadder ass et gudd, ëm de Rescht brauch s Du dech net ze këmmen. Du solls dech schounen, an dech nees leeë goen.

Agnes Schounen? Fir wat? Hunn ech grad accouchéiert oder hat ech en Accident?

Eugène Nee, awer, ...

Agnes Du wëlls maer keen Abléck an d'Kontabilitéit ginn. *(këmmt)* Ech weess et jo selwer, d'Zäiten hu sech geännert. D'Leit brauchen di gutt al Restauranten net méi. Hochzäiten feiert een doheem mat Catering a mat opgeriichten Zelt am Gaart. An en lessen no engem Begriefnes gëtt et och ëmmer manner. Di Doudeg ginn ëmmer méi verbrannt. An d'Aeschen? Déi ginn oft anonym bäigesat an et si just 3 Leit mat derbäi. Dann drénkt een doheem eng Taass Kaffi mat Kuch a fäerdeg. A gëtt et dat haut nach, Männer déi Sonndes no der Mass op den Apéro kommen? Sécher net, dat ass alles Geschicht.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwten, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Eugène Jo d'Wiirtschaften hunn et haut net liicht. Mee grad well eist Haus, ... ech well soen, dän Haus "Leif a Séil" nach dat eenzegt an der Géigend ass, feieren d'Leit och hei, op mannst heiansdo.

Agnes WA se da feieren, Wann!! – Eugène wat seet d'Agenda? Oder därf ech dat och net wëssen.

Eugène (*hëlt déi generft, séier bei sech a bliedert dran*) Sécher dach. Dat sinn fir dëst Joer schonn 4 Hochzäiten mat all Kéier esou 50 bis 80 Leit. 3 Personalfeieren, do gëtt de Sall sécher voll. Jo an dann nach eist grousst Schluechtfest Mëtt September. A kleng Iessen no Begrieffnesser komme jo och nach. Mee déi kann ee net am viraus plangen. Wee plangt schonn säin Dout am viraus? Hähähä ...

Agnes (*kann doriwwer net laachen*) Jo ganz komesch, Eugène.

Eugène Jo an da gëtt et nach déi Clientèle déi zwëschenduerch heihinner kënnt, d'Leit déi hei an der Vakanz sinn, Vëlofuerer déi hei Paus maachen. Déi darf s de och net vergiessen. Déi drénke vill an iessen och heiansdo eppes.

Agnes Jo ech gesinn. (*weist op den Heng*) E jonke Mann deen hi säi Rausch ausschléift, an 3,50 Euro hei léisst.

Eugène Nee, nee den Heng ass Stammclient. Dee léisst all Mount méi wéi 50 Euro hei. Sou Tatta Agnes. Géi Du nees fein an deng Wunneng an hal op iwwert de Bistro nozedenken.

Agnes Dat ass net esou einfach, och wa maer dat egal ka sinn. Ech sinn al a wäert net méi laang bei Aech sinn, mee trotzdem fällt et maer schwéier, et einfach esou ze verkommen ze gesinn.

Eugène Verkommen, elo geet et awer duer.

Agnes Kuck dach emol wéi et hei ausgesäit. Et gesäit aus wéi an de 70-ger Joeren. Esou eppes wëll haut kee Mënsch méi. An d'Iessen op der Menuskaart. Do muss emol eppes neies drop. Du kann s dach kachen. Daer offréiert just eng "assiette paysanne" a Paangecher. Dat ass dout, wéi een haut seet. Hues Du an d'Christa dann iwwerhaupt keng Ahnung dovunner wéi een e moderne Bistro féiert? Daer misst dach Ideeën hunn.

Eugène Hu maer Tatta Agnes. Hu maer. An doriwwer hu maer och scho geschwat. Gleeft maer, d'Iessen gëtt an Zukunft ganz modern.

Agnes (*kuckt sech ëm*) Jo an dann ..., kann s Du net emol e bësse renovéieren? De Café hei e bëssen oppäppen. Et muss een hei investéieren, soss gëtt dat näischt. Am Beschten eppes fir di jonk Leit, e Pub oder en Shisha-Bar oder esou eppes wéi e Mc Donald oder e Kebab-Takeout. Wéinst menger kann et och en Treff vun einsamen Häerzer sinn. Iergend eppes wat nei ass, wat et hei nach net gëtt fir, dass et an der Kees rabbelt. An och aner Miwwel mussen hei hin. Wéi wier esou eng Aart Parship to go?

Eugène (*fir d'éischt geschockt da sec*) Investéieren? Renovéieren? Parship to go? Wat s DU alles kenns ...

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwene, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Agnes Ech wëll Daer gäre Geld léinen. Daer wësst, dass ech keen Aarme sinn. Wann s de 100.000 Euro brauchst, kee Problem.

Eugène (*elo zockerséiss*) Ma sécher maache maer dat. Natierlech Tatta. Investéieren an ëmbauen. Dat maache maer dach gär. An d'Suen déi s Du eis léins – immens d'Christa an ech maachen eis direkt di nächst Wochen e puer Gedanken.

Agnes An de nächste Wochen. Jo, jo, (*melancholesch*) Weess de ... dat deet esou wéi, wann ech doriwwer nodenken, dass Daer meng Wiertschaft villäicht no mengem Dout verkaaft. An da gëtt alles ofgerappt an hei op den Terrain kënnt eng Residenz. Ech sinn dann ënnert dem Buedem a kréien vun all dem näischt méi mat. (*muss schlécken*)

Eugène (*kuckt ewech, verdréit d'Aen, ass generft vum Agnes sengem Soueren*) Denk dach net un esou eppes. D'Christa an ech maachen dat schonn. Du solls dech am Beschten GUER net méi em dat ganzt këmmere. (*dann méi däitlech*) Du gees elo an deng eege 4 Wän. Lies do e Buch oder strecks mol nees e Schal fir de nächste Wanter. Oder kuck de Fernseh. Ech hunn dach extra en Abo bei Netflix gemaach. (*wëll se scho nees no riets eraus kompletéieren*)

Agnes Jo en Abo, wat ech selwer bezuele muss, an DU kucks all fräi Minutt d'Filmer. Maer ass de Programm ze vill modern. Do gëtt just geschoss oder et geet em Sex. De Peter Frankenfeld an d'Catharina Valente weisen se ni. (*wiert en of*) An elo looss mech lass.

Eugène Jo, jo. Et ass scho gutt. Ech menge blous. Well ... Daer passt dat net, oder? (*no enger Zäit*) Wéi geet et Daer eigentlech?

Agnes (*ironesch*) Schéin, dass de nofreees. Ech ville mech all Dag manner gudd. An d'Haerz, dat schléit heiansdo wéi verréckt. Meng beschten Zäit ass eriwuer. Ech si Mëtt 70. Mäi Mindesthaltbarkeetsdatum (MHD) leeft of. (*kuckt op hir Auer*) Den Albert kënnt sécher gläich. En hat gëschter scho gesot, dass en sech eppes fir mech iwwerleeë well.

Eugène (*scho liicht rosen*) Deen Albert, sech eppes fir dech iwwerleeën, nee dee Gudden ...

Agnes Jo dat ass en. A fir dass Du zefridde bass, ginn ech nees. An Du iwwerlees Daer eppes wéinst dem Ëmbau an der Menuskaart.

Eugène Jo natierlech, maachen ech. Ech maachen alles wat s du wëlls. (*mécht d'Dier riets op*) Du bass dach meng Lieblingstatta.

Agnes Wann ee soss keng Tatta huet, ass dat jo och net schwéier. (*geet a bleift an der oppener Dier stoen, dréit sech nach eng Kéier em*) A, an 2 Hochzäiten dee selwechten Dag hunn ech matkrut. Schumme soll daer Aech. D'Bour's feieren elo enzwousch anescht, dat ginn ech Daer schrëftlech. (*fort*)

Eugène Ah souuuuuu? Hähähä ... (*mecht d'Dier zou*)

4. Szeen

(*Eugène, Heng, Stëmm vum Elena*)

Eugène (*rosen iwwer sech selwer*) Des Schnësseg, iwwerall stécht se hir Nues eran. (*geet bei den Heng a rëselt deen u sengem Aarm*) Hey erwächen, dat hei ass keen Hotel. Entweder ësst

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

de an drénks hei oder du gees heem. Héiers de?

Heng (*just kuerz*) Hmmmmmm ...?? (*bleift awer mam Kapp ënnen*)

Eugène Et ass fir ze verzweiwelen mat Daer. (*geet séier no riets, a schwätzt do streng zu der Dier eran*) Elena. Komm DU an d'Wirtschaft, Maach virun, a këmmer dech och em den Heng. Dee soll Geld hei loossen a verschwannen. Ech muss elo mat menger Fra schwätzen.

Elena Jo, ech kommen.

Den Eugène geet vun der Bühn.

5. Szeen (*Elena, Heng*)

Elena (*kënnst vu riets eran, schwätzt mat engem polneschen Akzent*)

Jo awer, et ass dach keen hei. Nëmmen den Heng deen hei schléift, ewéi esou oft. (*geet bei en, rëselt en un der Schëller*) Eh, Haer Heng, Heng Gaudron. Wann ech gelift, erwächt. Hallo, net méi schlofen.

Heng Hää? (*kënnst esou lues zou sech*) Wat ass?

Elena Schlofen hei an der Wiirtschaft ass net gudd, besser du hëls de Bett doheem.

Heng (*setzt sech riicht a reift seng Aen*) Wou „... merde. Sinn ech hei ageschlof?

Elena De Chef dat net gäre gesinn. Du Panz voll, gees besser.

Heng Nee, nee ech hunn d'Panz net voll. Ganz sécher net.

Elena. Net voll?

Heng Nee. Ech hat just eng Béier an eng Drëpp. Dat ass Nuetsschicht an der Fabrik, déi huet mech fäerdeg gemaach. Wéi spéit ass et dann elo?

Elena (*kuckt op hir Auer*) Et ass geschwënn owes 6 Auer.

Heng Oh vreck, da muss ech a gutt 4 Stonne nees schaffen.

Elena Besser, du häss viru Mëtte geschlof, da wier s de frësch fir an d'Nuet.

Heng Dat hat ech versicht. Mee wann et net geet ... Ausserdem ass Vollmound.

Elena An Du hues och nach déi Notebook heihinner bruecht. Schaff s de nach niewelaanscht?

Heng Wat? Äh nee, dat ass just ... Ech ginn dann emol. Ech muss mech nach e bësse frësch maachen. (*weist no lenks op d'Toilette a geet dohin, virdrun*) An --- Merci Elena, dass Du mech erwächt hues.

Elena Hmmm. Et ass scho gutt. (*hëlt di eidel Glieder vum Dësch a kuckt op de*

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Notebook) En Datingportal. Jong, du sichs eng Fra. Ma jo wann s de ëmmer just schléifs, da gëtt et langweileg fir d'Fra. *(geet mat de Glieser bei de Comptoir et kënnt mat engem Läppchen den Dësch botzen un deem den Heng souz)*

6. Szeen *(Elena, Albert)*

Albert *(kënnt vun hannen eran. En huet eng Mapp an der Hand, frëndlech)* Dobry dzień, Elena.

Elena *(voller Freed)* Dobry dzień, Albert. Haut esou spéit? *(D'Elena wëscht während der Szeen 6 a 7 di aner Dëscher of, botzt d'Glieser hannert dem Comptoir oder esou)*

Albert Jo, dat gefällt maer och net. Ech hat nach e Rendezvous beim Verlag zu Wolz. An d'Strosse waren all voll. Wier ech dach nëmme mam Bus gefuer.

Elena *(erfreet)* Oh, Rendezvous beim Verlag? Soll dat heeschen, dass elo geschwënn gedréckt ginn, di schéi Geschichten vun Daer?

Albert Ah, dat ass schonn e bëssen anescht gaang wéi ech maer erwaart hat. Zënter Joeren sichen ech schonn een dee meng Saachen dréckt. Mee ech gleewen ëmmer méi, dass et do just bei engem Dram bleift.

Elena Albert, Courage net verléieren. Enges Daags klappt dat.

Albert Ech kucken emol wéi et der Tatta geet. *(wëll scho no riets fort wéi ...)*

7. Szeen *(Elena, Albert, Agnes)*

Agnes *(... scho vu riets kënnt)* Héieren ech do mäi Lieblings-Neveu??

Albert Tatta Agnes. *(emaermt se frou)* Schéin, dass de opgestane bass. Geet et Daer haut besser wéi gëschter? Du gesäis op mannst haut net méi esou bleech aus.

Agnes Ma ech denken, wann ech all Dag am Bett bleiwen, da schlofen meng Schanken ganz an, a da kann ech enges Daags GUER net méi goen.

Elena Bewegung ass gudd. Och am Alter. Et war bei mengem Bop och esou an en huet do derzou och nach all Dag e Glas Roude gedronk. An en ass 97 Joer al ginn.

Agnes Ech weess net ob ech a mengem Alter och nach mat saufe sollt ufänken.

Elena Schwaetze net vu Saufen, schwaetzen vu genéissen.

Albert Versiche kanns Du dat dach. An u rouden Wäin soll et hei an dengem Bistro net feelen. A wa dach, besuergen ech Daer es.

Agnes Ech weess net, ech mengen et geet bei maer zu Enn.

Albert Hal mat esou eppes op. *(dréckt se léif)*

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Agnes

Jong, wat mécht deng Schreifkonscht?

Albert (*këmmt*)

Ech mengen, dass ech iewer net de gebuerenen Dichter a Schrëftsteller sinn. De Numm Albert Faber soll ni iergendwou op e Buch gedréckt ginn. Kee wëll meng Saachen. Zënter Joeren net. Dobäi hunn ech ëmmer fest dorun gegleeft. Ech mengen ech muss maer nees eng Aarbecht sichen. Egal wat fir eng. An 3 Méint hält mäi Chômage op. An dann? Da muss ech de Revis ufroen. An DAT wëll ech wierklech net.

Agnes Wann s de Geld braucht kann ech Daer es léinen. Du häss deemools dat ganzt vu maer iwwerhuele sollen. Ma neen. Dat wollt mäi léiwe Neveu net. Hues einfach op de "Leif a Séif" verzicht an deng Schwëster an hire Mann vir gelooss.

Albert Wann ech dat ganzt iwwerholl hätt, hätt ech keng Zäit méi fir ze schreiwe gehat, an dat materiellt bedeit maer näischt. Has Du da net mat menger Schwëster a mam Eugène eng gudd Décisioun geholl? Se këmmen sech dach gutt en Dech an em de Bistro?

Agnes Jo, maachen si dat?

Albert Souwäit ech dat beuertelee kann jo. Se mengem et ob mannst gudd mat Daer a wat nach méi e grouse Virdeel ass: Du wunns bei hinnen ënnert engem Daach.

Agnes Jo, jo, DU këmmers dech méi em mech wéi si an du wunns net mat maer ënnert engem Daach. Du bass bal all Dag hei, an d'Christa an den Eugène ... DEI ierwen eng Kéier dat ganzt, sou steet et ob mannst a mengem Testament. Ech froe mech awer di leschte Wochen ëmmer méi ob dat richteg war? Well glécklech sinn ech net.

Albert Du denks zevill no. Kuck emol Tatta Agnes: Zënter e puer Joeren hues Du mat dësem Bistro näischt méi ze dinn.

Agnes Jo well ech gesondheetlech net méi KANN, dobäi géif ech esou gären mathëllefen.

Albert Ech weess. Mee deng Gesondheet léisst dat nun emol net méi zou. Dofir brauch s Du dech net ze schummen, dat versteet jiddereen. Aner Leit ginn an d'Pensioun wann se mol keng 60 Joer al sinn. DU hues hei nach mat 70 Joer hannert dem Comptoir gestan. An elo maachen d'Christa an den Eugène dat.

Agnes (*net begeeschtert*) Jo.

Albert An ech mengen DAT ass däi Problem. Net, dass dat elo en anere mëscht, mee dass IWWERHAAPT en aneren elo de Kommando huet.

Elena Ech mengen do huet den Albert Recht.

Albert Tatta Agnes, Du hues zwar hei alles ënner Kontroll, mee et mécht dech sécher rosen, dass du näischt méi ze soen hues. Ass et esou?

Agnes Jo am Fong ...

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Albert Jo dat ass esou. D'Christa an den Eugène versiche sécher hiert Bescht ze maachen, mee se hunn et sécher net gären wa permanent ee sech amëscht.

Agnes Amësche muss ech mech heiansdo. Hei leeft soss nämlech alles schief. Och wann di 2 sech all Méi ginn. Elo hu se scho nees eng komme gelooss. ZWOU Hochzäiten hu se fir dee selwechten Dag ugeholl. Esou eppes geet dach net. Doduercher kritt de Restaurant just e schlechte Numm, a geschwënn kënt iwwerhaapt kee méi heihin.

Albert Ech verstinn. An ech hoffen, Du verstees och wat ech mengen.

8. Szeen

(Elena, Albert, Agnes, Stëmm vum Eugène)

Eugène (*riff sec vu riets*) ELENA? Komm emol hei hin. Direkt.

Elena Jo ech kommen. (*zuckt mat de Schëlleren, geet no riets, den Albert an d'Agnes lächelen him frëndlech zou*)

9. Szeen

(Albert, Agnes)

Albert Du muss ofschalten an dech domadder offannen, dass elo anerer d'Soen hunn. Nämlech d'Christa an den Eugène. Dat ass net esou einfach, mee Du muss dat léieren. A wat méchs du: Du kanns hei net méi hëllefen mee an dengem Kapp dréit sech alles just em däi Café. An DAT mécht dech rosen. An oft rose ginn, heescht al ginn.

Agnes O, dat ass dach ...

Albert Tatta Agnes, dat ass d'Wourecht. Du hues dat Ganzt di ganzen Zäit virun dengem Aen.

Agnes (*melancholesch*) Wa mäi Josy an ech selwer Kanner gehat hätten, da kéinten DEI dat hei elo maachen. Da géif et elo besser goen.

Albert Dat sollt awer net sinn. Mee DU hues d'Méigelechkeet, DAIN Liewen ze änneren.

Agnes Wat mings Du domadder? Ech ka maer et schonn denken. Ech soll an Zukunft mech net méi hei weisen a nëmme nach Pullovere a Schale strécken. Villmools Merci. DEE Virschlag krut ech schonn vum Eugène.

Albert Net grad Strécken.

Agnes (*liicht rosen*) Wat da soss? Dass ech meng Nues hei net méi erastieche sollt, dat soe maer deng Schwëster an hire Mann mindestens 3 Mol am Dag. Villmools Merci. DESE Rot brauch ech net méi, och net vun Daer.

Albert Ech weess. De ganzen Dag alleng an der Kummer setzen, dovunner kritt ee jo Dépressiounen. Dat mengen ech net, Du muss ëmschalten. Nees Loscht op aner Saache kréien. E bësse méi "ass maer dach egal"-Gefill. Du waars d'Fra aus der Wiertschaft "Leif a Séil" an elo kënt eppes Neies. Vergiess dach einfach dat ganzt hei. Ech mengen, da geet et Daer och gesondheetlech besser.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwene, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Agnes Aha, a wéi soll dat ausgesinn?

Albert Fir d'éischt emol muss Du komplett hei eraus. Wéinstens fir eng kuerz Zäit. Eppes anescht ass: nei Andréck gewannen, nei Leit déi dech ëmginn.

Agnes (*e bëssen ängschtlech*) Albert wat soll dat? Wou wëlls de mech dann elo nees hibréngen? Etwa an en Altersheim? Fir d'éischt emol an de Foyer du jour an dann definitiv? Dat ass jo elo awer net dän Eescht?

Albert Em Gottes Wëllen. Du bass dach kee Mënsch fir an en Altersheim. Du gees an d'Kur. An eng Reha. Ech war gëschter bei dengem Hausdokter dem Dr. Weber an hu laang mat him doriwwer geschwat. Wat häls Du dervun?

Agnes Du waars alleng bei mäin Dokter?

Albert

Genau. E sot en hätt Daer dat scho viru Joeren virgeschlo, mee Du häss net gewollt.

Agnes Wéi ech mech deemools em de Bistro gekëmmert hunn, ass dat och net gaang. An elo a mengem Alter? Ech weess net wat dat soll? Lount dat sech iwwerhaupt nach?

Albert Dat ass genau dat wat s Du brauchst, en anert Ëmfeld. Endlech emol eraus aus denge 4 groe Maueren. Raus aus dem Haus, net méi gesinn wat hei am Bistro geschitt. Den Dr. Welter ass do ganz op menger Säit. An duerno war ech nach bei d'CNS a hunn Daer vun do deng Demande gläich matbruecht. (*hëlt d'Mapp vun iergendengem Dësch oder vum Comptoir a mécht déi op, gëtt dem Agnes de Formular*) Hei.

Agnes Ma, DU léiss näischt ubrennen. - A wat ech dovunner halen, interesséiert weder dech nach den Dr. Weber.

Albert Du kanns natierlech och an d'Vakanz fueren. A Bayern, an d'Bierger oder un d'Mier. Mee do gëss de villäicht net méi eens. Ech kéint natierlech mat Daer fueren, mee du weess och, dass dat ganzt ustrengend fir dech wier. An enger Reha këmmert ee sech em dech, Du hues all Dag Dokteren em dech an du häss vill Gesellschaft mat anere Leit. Dofir ass dat fir dech besser.

Agnes (*iwwerleet*) Ech an eng Reha ...

Albert Ech weess dach, dass du dengem Lieblingsneveu näischt ofschloe kanns. An dofir diskutéieren ech elo guer net mat Daer doriwwer. Maer ginn elo an dän Wunzëmmer e fëllen do de Formular aus, keng Diskussioun. Et ka sinn, dass et séier geet. Elo am Summer sinn d'Kliniken net esou voll. Duerno kucke maer nach wat s de vu Kleeder am Schaf hues. Ka sinn, dass maer herno zesummen an de Buttek mussen, fir do e puer neier ze kafen.

Agnes O Jong, wat méchs Du Daer Gedanken em mech. Dobäi solls Du dech dach eigentlech em eng eege Fra këmmere. Fënnt s Du dann einfach net dat Richtegt?

Albert Tatta Agnes, et ass net esou einfach.

Agnes Du bass zevill kriddleg. Dat Meedchen wat schonn zënter Joeren drop waart, dass Du dech mat him bestuets, dat wëlls de net.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Albert (*muss laachen*) Stëmmt. Weess de, dat passt net esou richtig zu maer. Sou, looss eis elo emol fir d'éischt deng Demande ausfüllen. (*béid wëllen schonn no riets fort, wéi ...*)

10. Szeen

(*Albert, Agnes, Rosi*)

Rosi (*... vun hannen era kënnt. D'Rosi ass an hirer Aart onbehollef, awer net geeschteg behënnert. Et ass net grad e schlaut, a verhält sech e bësse naiv. Et grinst och bal di ganzen Zäiten wann et eppes seet. Hir Kleeder passen net an dës Zäit an alles passt och faarwlech net zesummen. D'Rosi kann Trëtzen hunn. E bëssen keck*) Hallo, ech sinn et. D'Rosemarie. D'Rosemarie Gaudron.

Albert (*an d'Agnes kucken op d'Dier, den Albert verdréit d'Aen a seet lues zum Agnes.*) Wann ee vum Däiwel schwätzt.

Agnes Rosemarie. Schéin, dass Du dech emol nees eng Kéier hei weist.

Albert (*laacht gestalt*) Hähä, ... Moien.

Rosi Ech hu virdrun vun eiser Kichefënster gesinn, dass den Albert hei ass, an do duecht ech maer: Komm géi emol a so him gudde Moien.

Albert (*liicht ironesch iwwerdriwwen*) Dat ass awer léif. Ech freeë mech richtig Jipppppieh. Gudde Moie Rosi. Wéi geet et Daer? Ass alles an der Rei? An iers de frees: MAER geet et gudd. Ganz besonnesch esouguer.

Rosi Toll, dat ass jo supi. Moie Abbes Faber, an, ... (*huet hir Hänn verleeën viru sech gehal a wedelt mat deenen onsécher hin an hir, grinst*)

Albert Dat ass awer och ZE domm, dass d'Tatta Agnes an ech grad eng wichteg Saach ze erleedegen hunn. Ech hu leider keng Zäit fir dech. Also ech mengen GUER keng Zäit.

Agnes Wat dann, wat dann? D'Demande fëlle maer herno aus. Ech ka jo och alleng am Kleederschaf kucken ob ech eppes Neies brauch. Rosi, du hues jo sécher 10 Minutten Zäit. Si ass dach extra wéinst denger heihinner komm. Ech muss esouwéisou nach eng Kéier kuerz mam Eugène schwärzen. Maer ass do nach eppes agefall. (*grinst knaschteg a geet no riets fort*) Ech loossen Aech dann emol alleng.

Albert (*liicht rosen*) Tatta, Du bass einfach ZE léiw.

11. Szeen

(*Albert, Rosi*)

Rosi Hähä.... alleng. Lo si maer just nach alleng hei. Oder ass soss nach een hei? (*weist op de Laptop*)

Albert Net, dass ech wéisst.

Rosi Dat ass dach supi, Abbes. - Ech därf jo Abbes soen, oder? Well du sees jo och Rosi. Och wann ech Rosemarie heeschen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Albert Dat ass an der Rei. Nenn mech wéi's de wëlls.

Rosi Just meng Frënn däerfe mech Rosi nennen. Also ech menge just meng bescht.

Albert An do derzou gehéieren ech och? Hui, da sinn ech sécher ee vun deenen beschten?

Rosi Nee, net vun deenen allerbeschten. Deen allerbeschten, Abbes ass dat net supi?

Albert Dat ass esou eppes vu supi. Vreck, dass ech dat nach erliewen däerf. Immens. Wëlls de eppes drénken? E Glas Jus, Waasser oder soss eppes?

Rosi Gären. Och wann ech fir haut scho meng 3 Liter Téi gedronk hunn. Doheem drénke maer ëmmer Téi, mee dat sot ech Daer schonn eng Kéier.

Albert Stëmmt. Dann ass elo Zäit fir eppes anescht. (*geet bei d'Théik*) Meng Schwëster huet sécher näischt dergéint. Orangejus?

Rosi Gär.

Albert (*fëllt hir e Glas mat Orangejus a gött hir en*) Wann ech gelift Rosi.

Rosi Villmools Merci, Abbes., Richteg supi vun Daer. (*grinst, drénkt*)

Albert Tja ... gött et dann eppes Besonnesches, dass Du extra wéint menger heihinner komm bass?

Rosi (*pëtzt en*) Oh Abbes, maach dach net esou. Maer kennen eis dach schonn zënter ville Joeren. Maer hunn dach schonn als Kanner zesumme gespillt.

Albert Stëmmt. Du hues maer an der Spillschoul ëmmer d'Formen aus der Sandkëscht geklaut.

Rosi Guer net. A wann dach, da war et just fir dech ze zëssen, well ech dech gären hat a nach ëmmer hunn.

Albert Zëssen, Gären hunn. A sou, wat d'Kanner net alles maachen. A schwupps si maer méi al ginn. Wéi d'Zäit vergeet. A maer spille guer net méi an der Sandkaul.

Rosi Eben, elo ass Zäit fir eppes anescht. (*drénkt*)

Albert Eppes anescht? Wat mungs Du domadder? (*duerno ganz séier*) Ass och egal. Ähm ... Hues Du nach ëmmer keng Aarbecht fonnt?

Rosi (*liicht traureg*) Nee , mech well keen. Bei Schneidesch an der Fënster hängt e ganzt schéint Kleed. Eppes ganz Besonnesches, eent vu Prada. DAT gefällt maer. Ech wollt maer et kafen, Et kascht esou em di 300 Euro. An déi hunn ech net. Du weess keen dee mech wëll. Haaptsaach ass, ech verdéngen eppes.

Albert Et deet maer Leed, mee do muss ech passen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Rosi Ech hëllef dem Papp jo all Dag um Bauerenhaff an ech wunnen och nach bei Mama a Pappa. An de Pappa gëtt maer och heiansdo e bëssen Täschegeld. Fir z'lessen an ze Drénken kréien ech vun doheem. Mee ech wéilt léiwer enzwousch anescht Geld verdéngen, esou richteg. ODER, ech siche maer e Kärel a bestueden deen. Am beschten e Kärel dee vill Geld verdéngt.

Albert (*erfreet*) Hui, da bass de bei maer u falscher Adresse. Ech hunn och keng Aarbecht an hu praktesch kee Geld, op mannst net fir 2. Dat passt sécher net. Tja esou ass d'Liewen Rosi.

Rosi Bei DAER mécht dat näischt aus. (*nidderträchteg*) Well.... EIGENTLECH bestued ee sech jo net wéinst dem Geld. Wann e bësse Geld do wier, dat wier schéin. Mee als aller éischt geet een dach op d'Gmeng well ee sech supi gären huet, well ee frou mateneen ass an ee quasi zu enger eenzeger Persoun verschmëlzt.

Albert O. Mateneen verschmëlzt? Aus 2 Leit ginn een? Kuck emol. Dat wousst ech jo nach guer net.

Rosi Du kenns dech wuel net an esou Saachen aus?! Dat mécht näischt, fro mech. Ech weess iwwer alles am beschte Bescheid. (*drénkt*)

Albert Fein, wann ech eppes wësse wëll, froen ech dech, supi.

Rosi A wann s DU kee Geld hues, an ECH hu kee Geld, da passt dat jo dach nees.

Albert Ah SOU, ass dat geregelt. Wat et net alles gëtt, hähähä ...

Rosi O, o, elo mierken ech awer den Téi deen ech haut scho gedronk hunn. Wann s de mech fir eng Minutt entschëllegst ?! (*stellt hiert d'Glas of*)

Albert Gären och 2 oder 3 Minutten, kee Problem, Looss der Zäit.

Rosi Awer Abbes, ech well dach keng Zäit fir Dech verléieren. Maer hunn dach nach esouvill mateneen ze beschwätzen. Ech pissen esou séier wéi et geet. (*grinst a geet schnell no lenks fort*)

12. Szeen

(*Albert*)

Albert (*alleng*) Da piss du. Em Gottes Wëllen, wann ech deem senger net lass ginn, an dat bis fäerdeg ass, sinn ech bis muer mat him bestuet. (*well scho séier fort, wéi ...*)

13. Szeen

(*Albert, Rosi, Heng*)

Rosi (... *d'Rosi séier vu lenks d'Dier vun der Toilette opmécht*) Abbes, Abbes, komm séier, den Heng läit einfach esou virun der Toilette a beweegt sech net méi.

Albert WIEN? Den Heng? Deen ass hei? (*Geet séier dohin, vun do*) Hey, hey, hey, Heng erwächen, Wat ass da mat Daer lass?

Rosi (*vu lenks*) Heng, Schnucki, wat ass lass mat Daer?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Allen 2 droen den Heng vun der Toilette an de Raum, d'Rosi an den Albert hunn all Kéiers een Aarm vum Heng op de Schëlleren, den Heng huet seng Box nach ëmmer net erop, e léisst sech eraschleefen. Esoubal di 2 mam Heng vun der Toilette kommen erwächt deen.

Heng Wat ass lass? *(kuckt duerno no riets op den Albert an no lenks op d'Rosi, wat elo roueg ass, duerno kuckt en hannert sech, an ass direkt wakereg well e steet riicht do, e mécht sech vun deenen 2 lass, zitt seng Box erop an et gesäit een, dass di ganz Situatioun him peinlech ass)*
Hallo? Wat maach Daer mat maer? *(geet séier e puer Schrëtt vun deenen 2 un de Stull op deen e virdrun souz)*

Albert Wat maer mat Daer maachen? Erziel du eis léiwer wat s DU mëschs. *(mécht Toilettendier zou)*

Rosi *(laacht, wéi den Heng sech d'Box eropzitt kuckt et vir d'éischt verleeën ewech an duerno direkt nees hin)* Kuck emol, Abbes, den Heng huet wäiss* Kalzongen. *(* Faarw natierlech vun der Faarw déi de Kalzong huet)*

Heng *(licht rosen)* Jo an? Ginn et dofir iergendwellech Gesetzer?

Rosi Nee, nee, ech menge jo just, du gesäis doranner esou sexy aus.

Heng *(ëmmer nach gereizt)* Villmools Merci.

Albert Erziel eis elo, wat ass mat Daer lass?

Heng *(nees korrekt ugedo, reift sech d'Aen)* Oh, mäi Chef hat maer virun 2 Wochen am Betrib dee richtegen Schichtendéngscht opgedonnert. Elo muss ech och nach Nuetsschicht maachen. Ech packen dat net. Ech komme Moies Heem a ka net schlofen, an da geet et Nomëttes lass, da schlofen ech iwwerall an.

Albert Ageschlof bass de?! *(berouegt)* Jo, **da** brauche maer eis keng Suergen ze maachen.

Rosi Du has just geschlof, hei virun der Toilette, witzeg.

Heng Jo ech muss vum Dëppen erofgefall SINN. Dat ka jo scho mol virkommen.

Rosi Wéinstens HUES DU eng Schaff. Free dech. Ech fanne näischt. Ze blöd. 300 Euro fir e Kleed kéinte maer gefalen.

Heng Fir e Kleed?

Albert Heng, vergiess et.

Rosi *(huet schonn e puer Minutten op den Heng säi Notebook gekuckt)* An dat do, ass dat däint?

Heng Jo.

Rosi Du bass sécher am Internet. Wat ass dat fir eng Sait?

Heng *(stellt sech virdrun)* Näischt, ech wollt just kucken.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Albert (geet och schnell dohin a kuckt) Dat interesséiert mech och. **Tinder**. Heng du wulls op Tinder?

Heng (*him ass et penibel*) Jo ...

Rosi Dat kennen ech och. Mee do kann ee kee Mënsch fir d'Liewe fannen. Heng, déi Leit déi DO drop sinn, siche just e Stänner fir eng Nuecht.

Heng (*bléist sech op*) Rosi, Du schwätz sécher vun engem Abenteuer fir eng Nuet, eng eemoleg Affaire.

Albert One-night-stand heescht dat. Dat ass Englesch an huet iwwersat guer näischt mat engem Stänner ze dinn.

Rosi Mengs de? D'Leit sichen do just ee fir an d'Bett, se wëlle Sex, an dofir brauch de Mann en anstännegen ...

Heng (*ënnerbrécht et séier*) Jo, jo, jo. Do hues de Recht. Mee e One-night Stand ass keen "Eng Nuecht Stänner".

Rosi A sou. Mäi Pappa seet dat nämlech och.

Heng A, däi Papp surft um Tinder? Interessant. Wat seet dann deng Mamm do derzou?

Rosi (*nidderträchteg*) Joouooo, dat däerf jo och kee wëssen, virun allem d'Mamma net. De Pappa sot, e géif jo just en Kéier kucken. Ëmmer nees.

Heng (*entschloss*) Genau. Just eng Kéier kucken. Genau esou wéi ech.

Albert Di Frae schéine jo zimlech langweileg ze sinn. Soss wier s Du sécher net ageschlof.

Rosi Heng, Du soll s Daer keng Fraen aus dem Internet sichen .Et ginn dach och hei am Duerf nach vill Meedercher déi kee Mann hunn. An déi mengen et eescht, a brauche net just fir eng Nuecht e Stänner.

Heng Cool, gutt ze wëssen.

Rosi Meng beschte Frëndin zum Beispill, d'Françoise dat sicht och nach.

Heng Em Gottes Wëllen, DAT awer net.

Rosi Net? Wéi soll et da sinn? Soll et besonnesch gudd ausgesinn? Mëll laang Hoer hunn? Laang Been? Gescheit? Ëmmer an Style vum aktuellen Datum sinn? (*geheit sech a Positur*)

Albert Vum aktuellen Datum?

Heng Ech mengen et mengt "Up to date". Rosi, du schwätz net zoufällleg vun Daer?

Rosi A wann dat esou wier, da muss ech Daer leider e Kuerf ginn. Heng, ech sinn net méi ze kréien.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Heng (*këmmt*) Gott sei ech mengen ... schéi fir dech.

Rosi Weess de dat mat mengem Frënd ... dat ass nach net definitiv ... (*himmelt den Albert dobäi un*) ... well en ass schéi. Mee dat dauert net méi laang, well heemlech verlaangert en och no maer.

Albert (*houscht erféiert*) Ähm ... schwätzt Daer Aech roueg emol iwwert dat Thema aus. Ech muss mech nämlech dringend em d'Tatta Agnes këmmen. (*well schonn no riets fort*)

Heng Nee, nee ech äh ... muss jo och séier fort. Et deet maer Leed Rosi. Maer ënnerhalen eis eng aner Kéier. Iwwert den aktuellen Datum, Tinder, eng Nuecht Stänner. (*e klappt säi Notebook zou, deet eventuell seng Jackett un, déi eventuell iwwert dem Stull hung*)

Albert Heng, maer gesinn eis, a schlof doheem emol richtig.

Rosi Daer hutt elo op eemol allebéid keng Zäit méi fir mech? Schued. Mee Abbes?

Albert (*steet schonn riets bei der Dier*) Jo? Wat ass?

Rosi Ech kommen erëm. Scho geschwënn. Esoubal ech dech duerch eis Kichefënster gesinn. Ass dat net supi?

Albert Total supi. Ech sinn dee glécklechste Mann vun der Welt. (*verdréit d'Aen a geet séier no riets fort*)

14. Szeen (*Rosi, Heng*)

Heng (*hannen bei der Dier*) Jo dann, bis eng aner Kéier Rosi. (*huet säin Notebook ënnert den Aarm geklemmt*)

Rosi Waart nach. Wat ass mat menger Frëndin Paula? Okay et ass e bëssen anescht wéi di aner. E bëssen domm an och just gudd e Meter grouss, mee dat géif bei dech passen. DU an hat, Daer géift sécher ganz besonnesch schéi Kanner kréien.

Heng Merci Rosi. Ech denken emol doriwwer no. (*séier fort*)

Rosi Waart, ech kommen direkt mat Daer mat. (*him hannendrun, fort, kuerz Paus*)

15. Szeen (*Eugène, Christa*)

Eugène (*kënnst rosen vu riets, d'Dier bleibt op*) Hei gött et ëmmer besser. Ech kann dat net gleewen. ECH lauschten deem net méi no. Ech stiechen se an en Heim wann dat esou weidergeet. (*geet iwwerdeems bei de Comptoir a fëllt sech während dem nächsten Dialog e Schnaps an, drénkt deen a schëtt no*)

Christa (*kënnst him zu der Dier no, d'Dier bleibt op*) Eugène, reg dech elo net op. Maer däerfen eis net einfach esou goe loossen. Du muss an esou Situatiounen relax bleiwen. An an en Heem stiechen? Du weess dach wat esou en Heem kascht. Do geet ruckzuck, da ganze Café drop.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwene, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Eugène (*mécht d'Agnes no*) "Eugène, du muss méi Reklamm an der Zeitung maachen. An virun d'Dier solls de Still an Dëscher stellen an de Leit d'Méiglechkeet ginn eng Glace ze bestellen. Du muss der eppes iwwerleeën, dech méi mam Marketing befaassen."- Pah MARKETING, wou huet et DAT Wuert nees opgeschnaapt. (*drénkt nees a fëllt no*)

Christa Reg dech elo net op. Dat ass net gudd fir däin Häerz. An drénk net esouvill.

Eugène De ganzen Dag dat Gequaks, vu moies bis owes. An dat gött net besser, et gött es ëmmer méi. Di soll hire Mond halen. Dat ass dach EISE Bistro. (*denkt nees a knuppt d'Glas op de Comptoir*)

Christa Jo, eis kommandéieren, dat ka se wierklech gudd.

16. Szeen

(*Eugène, Christa, Albert*)

Albert (*kënnst lues an de Raum huet alles héieren*) A, do ass jo meng léiw Schwëster. Moien.

Christa (*iwwerrascht*) Moien. (*lues zum Eugène*) Den Albert ass hei? (*versicht dann d'Situatioun ze retten*) Albert, also ... ech wousst guer net, dass Du hei bass. Weess de, dat mat der Tatta ass net esou schlëmm. Ech hunn et net esou gär kommandéiert ze ginn, also ... dat ...

Eugène (*sec*) **Jo, dat mécht se!** An dat gefält eis net. Ass dat eng Verschwörung géint eis? An DU fänks haut och nach domadder un. Villmools Merci. Hu Daer Aech ofgesprach.

Albert Ech sot Daer jo blous, dass ech et net an der Rei fannen, dass d'Elena sämtlech Béierfässer alleng an de Keller schleefe muss. Dat ass keng Aarbecht fir Fraen. Dobäi wollt et dach séier Schluss maachen fir herno op de Bal. Du weess dach ganz genau wéi schwéier d'Fässer sinn. Fir wat méchs Du dat da net?

Christa Eugène, also ...

Eugène Well d'Elena bei eis schafft, an dat ze maachen huet wat ech soen. A well DAT DECH iwwerhaupt näischt ugeet. Mee wann dat Daer net passt. wëlls Du esou em d'Elena besuergt bass, wann ech gelift, ech hu näischt dergéint, dass Du him eng Hand upécks. (*zum Christa*) An DU bass gefällegst op der Säit vun dengem Mann.

Albert Eugène, dat hätt ech net vun Daer geduecht, Wat ass da lass?

Eugène Et kann een e Bistro net féieren wa permanent Leit maer virschreiwe wëllen wat ech maache soll. D'Christa an ech féieren hei de "Léif a Séil", DU an d'Tatta Agnes net. Du has viru Joeren deng Chance, mee du wolls jo awer net.

Christa Den Eugène huet Recht.

Albert O, et ass scho gudd, ech soe guer näischt méi. Daer maacht dat schonn. Ech muss esouwéisou mech elo em d'Tatta Agnes këmmere. (*well nees fort no riets bei d'Dier*)

Christa (*zickeg ironesch*) Jo maach dat. Di Gutt, déi brauch sécher deng Hëllef.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Albert Ech hunn ëmmer méi d'Gefill, dass hei awer net alles esou perfekt leeft, wéi ech et ëmmer gemengt hunn. Gudd dass d'Tatta Agnes sech demnächst eng kleng Paus vun dem ganzen hei erlaabt.

Christa Paus? Wat soll dat heeschen?

Albert Si mécht eng Reha, well ECH em hir Gesondheet besuergt sinn, léiw Schwëster. Nach Froen? (*geet no riets fort a knuppt d'Dier zou*)

17. Szeen (*Eugène, Christa*)

Christa (*an den Eugène si schockéiert*) Sot hien elo grad, si mécht eng Reha?

Eugène Jo, dat sot en.

Christa Dat kann dach net sinn.

Eugène Dovunner huet si eis ni eppes gesot. Dat ass alleng seng Idee, dengem dusselgege Brudder seng. Christa, wat solle maer wetten?

Christa O Gott, EUGÈNE, weess Du och wat dat fir eis bedeit?

Eugène Jo, da si maer der Souerkett endlech emol fir e puer Woche lass. Gott sei Dank.

Christa Jo, mee weess de wat vill schlëmmer ass?

Eugène Jo wat dann?

Christa Fir wat maachen d'Leit eng Reha? Fir wat geet een an d'Kur? Well do d'Leit opgepappelt a nees gesond gemaach ginn.

Eugène Wat? A jo, dodrunner hunn ech net geduecht. Ma DAT kënne maer jo grad net gebrauchen. Dann dauert et bis dass maer de Bistro kréien, jo NACH méi laang. Déi iwuerlieft EIS nach. Du wäers gesinn. (*hëllt sech keng Drëpp méi an d'Glas mee drénkt aus der Fläsch*)

Christa Wanns Du esou weiderdrécks, ass dat gudd méiglech. Dës Reha däerf d'Tatta op kee Fall maachen. Do musse maer eis eppes iwuerleeën. Eugène looss der dach net vun Daer d'Liewen versauen. Ech wëll d'Ierfschaft, dës Brack hei verkafen an endlech Rou, ouni eis Scholden, hunn.

Eugène Recht hues de. An dat ass net nëmmen dës Haus. Si huet nach weidert Geld op der Säit leien.

Christa Wouhier weess Du dat?

Eugène Ma hätt si eis soss e Kredit vun 100.000 Euro ugebueden?

Christa Dat huet si gemaach? Esouvill Geld huet si? Fir wat wësse maer dat net?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Eugène 100.000 Euro fir den Ëmbau. Tssss. Dofir géif ech maer léiwer dee neien 5er BMW kafen, an d'Halschent vum Geld géif nach iwwereg bleiwen.

Den Albert mécht d'Dier e Spléck op.

Christa A mäi Brudder den Albert, deen ass och net ze ënnerschätzen. Dee setzt der Tatta just Flausen an de Kapp.

18. Szeen

(Eugène, Christa, Albert)

Albert *(mécht abrupt di riets Dier op, kennt e Stéck no vir, a léisst se hannert sech op)* Dat hunn ech héieren. Do sinn ech awer gespaant wat d'Tatta Agnes dovunner hält.

19. Szeen

(Eugène, Christa, Albert, Agnes)

Agnes *(kennt hannendrun eran, net ze sec, éischter gekränkt an enttäuscht)*

ECH hunn dat och héieren. A ka bal net gleewen wat ech do héieren hunn. - DAT ass äert richtegt Gesiicht?! – Komm Albert, maer musse net nëmmen d'Demande vun der Reha ausfüllen, ech sollt doriwwer nodenken, ob mäin Testament esou bleiwe soll wéi et ass. Ech kann et einfach net gleewen. *(kräischt, den Albert tréischt se, béid fort)*

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstück
“De Panech Trauma“*

Wëll Dir dat ganz Theaterstück lesen?

Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.

Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstück

Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text

Rout Bestellbox. Di ganz Rollen

Blo Bestellbox: Liesprouf per Post oder Zousatzheft zu de Rollen

Wann Iech dat Theaterstück gefallen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.

[www.mein.theaterverlag.de](http://www.mein-theaterverlag.de)

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Vertrieb

mein-theaterverlag

41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15

Telefon: 02432 9879280

e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de – www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de – www.nrw-hobby.de